



Commission de la circulation du 21.10.2020

Ufank 19h30

1. SIGNATURE DE LA LISTE DE PRÉSENCE

8/15 membres présents : Marc BUCHLER, Rick EDERT, Patrick EVERARD, José FERNANDES, Serge VAN KAUFENBERGH, Patrick KRAEMER, Marc HOFFMANN, Laurence GENGLER-VALMORBIDA,

4/15 membres excusés: Jean-Jacques BUTTEL, Patrick CINCIS, Gilles KLEIN, Manou PETRY,

3/15 membres non-excusés : Georges CAMPILL, André STROTZKA, Jeff REINARD,

Secrétaire : Patrick EVERARD

2. ROI : COMMISSIONS CONSULTATIVES

D'Verkéiserskommissioun passt sech den Consignen vum neien ROI un.

D'Memberen déi net méi an der Verkéiserskommissioun wëllen bléiwen, sollen sech beim Laurence GENGLER-VALMORBIDA mellen.

Opgrond vun der Demissioun vum Ben BAUS, deen als Sekretär gewielt gouf, an der Obligatioun vum ROI, muss d'Verkéiserskommissioun nieft dem President (Laurence GENGLER-VALMORBIDA) och een Vize-President an een neien Sekretär wieren.

D'Memberen déi un engem vun deenen Posten interesséiert sinn, sinn gebieden hier Kandidature bis zum 6. November dem President matzedeelen.

3. BROSCHÜR: BUSVERBINDUNGEN A TRANSPORTMÉIGLECHKEETEN AN DER GEMENG HELPERKNAPP

Eng nei Broschür soll erstellt gin an och zum Deel oder ganz am Buet publizéiert ginn.

Déi komplett Broschür soll als PDF oder als Deel vun der Homepage vun der Gemeng dem Public zur Verfügung stoen.

D'Verkéiserskommissioun soll dann och dat Dokument reegelméisseg aktualiséieren.

D'Iddi ass et fir d'Broschür integral an der Verkéiserskommissioun auszeschaffen an si fir de finale "Layout" un d'Kommissioun Relation Publiques ze gi.

4. RADAR PÉDAGOGIQUE: PUBLIKATIOUN AM BUET + NEI ETÛD

Eng Analyse mat Graphiken gëtt erstellt fir se am Buet ze publizéieren. Eng aktuell Auswärtung vun den Radaren gëtt ugefrot.

D'Memberen hunn festgehale dass si sech fir d'Ausschaffen vun deenen zwee Projet'en an zwou Gruppen andeelen, fir méi effektiv an méi klengen Gruppen un den jeeweiligen Projet'en ze schaffen.

D'Memberen sinn gebieden sech bis déi nächst Versammlung fir een Grupp ze decidéieren entweder fir bei der Broschür oder um Projet mat den Radaren matzeschaffen.

D'Memberen sinn och gebieden fir déi nächst Versammlung all „outils de travail“ matzebréngen, déi een brauch fir kennen esou effektiv wéi méiglech un den jeeweilegen Dossier'en ze schaffen (Schréifblock, Tablet, Laptop,...)

5. REUNION MAM SCHÄFFEROT 24/09: WAT HALEN MIR FEST....

D'Memberen hunn déi lescht Reunion nach eng kéier Revu passéieren gelooss an waren unanime der Meenung dass et ganz interessant war an d'Erwaardungen erfëllt goufen.

6. VERSCHIDDENES








Et gouf nach eng kéier drop higewisen dass et op der Kräizung zu Bëschdref bei der Precoce een Sécherheetsbedenken gëtt.

Den Bureau d'Etude misst matgedeelt kréien dass si préiwen op een des Kräizung méi sécher gestallten kéint.

Déi nächst Versammlung muss no dem neien ROI ofgehalen ginn. Den President schéckt d'Convocatioun spéitstens 5 Deeg am Virus un all d'Memberen. Den Ordre du Jour muss spéitstens 2 Deeg am Virus rausgeschéckt ginn.

FIN 21h30

Liste de présence Commission de la circulation

Nom	Signature
BAUS Ben	démission??
BUCHLER Marc	
BUTTEL Jean-Jacques	excusé
CAMPILL Georges	
CINCIS Patrick	excusé
EDERT Rick	
EVERARD Patrick	
FERNANDES José	
GENGLER-VALMORBIDA Laurence	excusé
HOFFMANN Marc	
KLEIN Gilles	excusé
KRAEMER Patrick	
PETRY Manou	excusé
REINARD Jeff	
STROTZKA André	
VAN KAUFENBERGH Serge	

Date: 21/10/2020

Signature Président/Sécretaire

